

1. Adventssonndeg C Lk 21, 25-28.34-36

KONTEXT

De Jesus ass am Tempel zu Jerusalem (Lk 20-21) . A Lk 21, 8-36 liese mer déi sougenannte « Ried iwwert d'Enn vun der Zäit », ier am Kapitel 22 d'Passiounserzielung ufänkt (Lk 22-23).

De Jesus léiert d'Leit do eng leschte Kéier ëffentlech a kënnegt d'Enn vun der Stad un (Lk 21, 5-6.20-24).

Den Text vun dësem 1. Adventssonndeg ass deelweis an enger « apokalyptescher » Sprooch geschriwwen (Vv. 25-28 ; cf. och d'Vv.10f).

Et ass ëmmer wichteg ze versichen erauszefannen, wéini a firwat en Text geschriwwen gouf :

Apokalyptesch Texter sinn a schwéieren Zäite verfaast ginn. Am Alen/1. Testament hu mer z. B. d'Buch Daniel, dat zur Zäit vun der Okkupatioun duerch de Seleukidekinnék Antiochus Epiphane (2. Joerhonnert v. Chr.) geschriwwen ass ginn. Oder am Neien Testament als lescht Buch d'Apokalyps vum Johannes, déi wahrscheinlech a Verfolgungszäiten duerch de réimesche Keeser Domitian (ëmt 96) verfaasst gouf. – Lk 21 (mat, en gros Paralleltexter a Mt 24 a Mk 13) kéint déi schwierig Zäit vum Keeser Nero mat den Onrouen, déi no sengem Doud lassgebrach sinn (68/69), als Hannergrond hunn.

Dës Texter schwätzen a Biller a Symboler (z. B. Kricher hot an har - cf. och d'Prophéiten, z. B. Jes 19 -, chaotesch Zoustänn um Himmel an op der Äerd, rätselhaft Wiesen, déi matspillen) ; si sinn dowéinst schwéier ze verstoen an dat sollt och esou sinn, fir datt d'Géigner, d'Feinden näischt matkréie konnten.

Virun allem versichen apokalyptesch Texter Courage an Hoffnung ze maachen (NET Angscht !); hire Message ass, datt et Gott ass, deen d'Geschicht vun der Welt féiert, och wann dat dee Moment net den Uschäin huet. An déi, déi um Herrgott senger Säit stinn, ginn net ënner. Hien ass um Punkt fir definitiv anzegräifen (cf. V.28). Fir et apokalyptesch ze soen, et muss ee kënnen d' « Zeeche vun der Zäit » liesen a verstoen.

TEXT

De Jesus sot zu senger Jünger (V.25) : dës Aleedungswierder stinn net esou a Lk 21, 25 ; si si bäigesat, well eigentlech huet de Jesus scho vill méi fréi wéi am V. 25 ugefaange mat Schwätzen am Tempel zu Jerusalem.

Et geschéien Zeechen u Sonn, Mound a Stären ... d'Mier schaimt an d'Welle rosen » (V. 25) : dës Biller gi schonn an der Apk vum Jesaja (Jes 24-27) an an der « Klenger Apk vum Jes » (Jes 34-35) gebraucht. Dëse grandiosen Zenario, wou den Universum mat abezunn ass, verdäitlecht, datt déi lescht Interventioun vu Gott an der Weltgeschicht universal an décisiv ass.

... d'Vëlleker » (V.25) : dat sinn d'Natiounen uechtert d'Welt. (Vun de Judde gebraucht fir vun de Net-Judden ze schwätzen.)

... wann d'Mier schaimt an d'Welle rosen (V.25) : fir d'Leit aus Judäa a Galiläa hat d'Mier eppes immens Bedrohlech; et huet un den Urchaos erënnert. An dee gött nëmmen vum engem beherrscht: Gott, dem Schöpfergott aus Gen 1-2.

... d'Himmelskräfte ginn ziddere gedoen (V.26) : dee Passiv hei deit un, datt et Gott ass, deen um Wierk ass. Et ass nees de Schöpfergott, deen eng leschte Kéier agräift. – De juddesche grad esou wéi de chrëschtliche Glawe sinn iwwerzeegt, datt Gott ëmmer erëm an d'Geschicht agräift, z. B. duerch Prophéiten, duerch de Jesus, bis hin zu deem definitiven Agräife Jéngsterdag.

Déi net Ageweichte wëssen net, wat lass ass a fäerten sech zu Doud (V.26).

An da gesinn si de Mënschejong (V. 27) : an deem Vers ass en Zitat aus dem apokalyptesche Buch Daniel (Dan 7, 13f) mat agebaut. – Wann de Jesus zu Liewzäiten een Titel ugeholl huet, dann ass d'Probabilitéit grouss, datt et « de Mënschejong » war. Zweeërlee kann deen Titel heeschen : am Hebräeschen einfach « Jong vum engem Mënsch », also einfach « Mënsch » an anerersäits stoung hannert deem Titel déi Figur aus dem Buch Daniel, déi vu Gott agesat gëtt fir, wa Gott agräift, mat Kraaft an Herrlechkeet ze kommen a mat zu Geriicht ze setzen.

Wann dat alles awer ufänkt ze geschéien... (V. 28) : hei ginn, ganz onüblech an der Apokalyptik, d'Biller opgeschlësselt : et gëtt Courage zougesprach, wat op den éischte Bléck am Géigesaz steet zu de V.25cd a 26b. – D'Enn ass kee wierklecht Enn, ma eng Erléisung – fir déi, déi op dier richteger Säit stinn !

Mee, nach ass et net esou wäit : et fänkt eben eréischt un ze geschéien.

Vv. 34-36 : hei geet et och ëmt d'Zäit virum Geriicht, ëmt chrëschtlech Haltungen an der Tëschenzäit (an net méi ëmt d'Zeechen wéi an de Vv.25-28).

D'Chrëschte stinn an der Spannung tëscht dem Erëmkomme vu Christus (d'Vv vum deem Sonndeg si ganz staark « eschatologesch », d.h. endzäitlech gefierwt an hirer apokalyptescher Sprooch) an de Probleemer vum hirem Alldag, déi allze gären dee ganze Raum anhuelen. « Jéngsterdag » ka laang op sech waarde loossen, wéi déi éischt Chrëschten enttäuscht hu misse feststellen, den éischten Äifer riskéiert nozeloossen, zëmools a schwéieren Zäiten. Dofir mécht de Lk den Opruff waakreg (V.36) ze bleiwen ; e Motiv, dat ëmmer erëmkënnt am N.T.. D.h., datt et néideg war den éischte Chrëschten et ëmmer erëm ze soen !

An och an eiser Liturgie vum Advent kënnt d' « waachen » ëmmer erëm, well mär haut och nach ëmmer an der Spannung tëscht « haut » an « deem Dag » liewen.

De V.34 erënnert ganz staark un d'Gläichnes vum Som, deen an den Dären erstéckt ass (Lk 8, 7.14).

Huelt iech awer an Uecht (V.34) a biet déi ganzen Zäit (V.36) sinn zwéin Lieblingsthemen vum Lk. Och anerwärts am N.T. ginn d'Chrëschten ëmmer erëm opgeruff waakreg (V.36) ze bleiwen an sech an Uecht ze huelen (cf. supra ; z. B. Mk 13, 33-37 ; Mt 24, 42-44 ; 25 ; Lk 12, 35ff) ; ëmmer erëm kënnt den Haushär oder de Bräichemann, als Emschreiwunge vum Erëmkomme vu Christus, stënterlech an onerwaart.

(Fränz Biver-Pettinger)